



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci dem Här Minister. Domat si mer um Enn vun eiser Orientéierungsdebatt ukomm. Mir sinn net saiséiert mat Motiounen.

Da kënnen mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 7057 dee ronderëm den Neibau vum Jean Monnet 2 dréit. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapporteur, d'Madamm Josée Lorsché. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

## 4. 7057 - Projet de loi relatif à la construction du bâtiment Jean Monnet 2 de la Commission européenne à Luxembourg-Kirchberg

### Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.-** Villmools Merci, Här President. Mir kommen zrëck op de Buedem. Beim Projet de loi 7057, deen ech heimat virstellen, handelt et sech ëm e Finanzéierungsgesetz, wat de Bau vum sougenannte Bâtiment Jean Monnet 2 um Boulevard Konrad Adenauer um Kierchbiereg soll erlaben. Dës Infrastruktur gëtt fir déi administrativ Besoine vun der Europäescher Kommission gebraucht a soll dat aalt Gebai mam selwechten Numm ersetzen.

Nodeems déi ongeféier 1.600 Beamten a Beamtinnen vun der Kommission aus deem ale Gebai hu missen erausplënnen aus Grënn vu Vétustéit an och, well volatillen Asbest do fonnt ginn ass, sinn déi Leit elo op verschiddene Sitte verspree, an zwar op der Cloche d'Or an um Kierchbiereg. Aus deem Grond besëtzt dëst Gesetz, dësse Projet, eng gewëssen Drénglechkeet a soll schon am Oktober 2017 an de Bau goen, ugefaange mam Terrassement vun der éischter Phas.

Dat erlaabt net nëmmen, déi vill Beamten op engem eenzege Site ze regroupéieren. De Projet erlaabt och, d'Capacités auszubauen, andeems Plaz geschafe gëtt fir 3.000 Beamten a Beamtinnen, also 1.400 méi wéi bis elo. E schaaft awer och zousätzlech Raim fir Restauratioun, de Stockage, d'Informatik, d'Bibliothéik, engem Gesondheezenter an enger Structure d'accueil an esou weider.

Wéi gesäit d'Konstruktioun aus? Virgesi sinn zwee Gebaier. Dat éischt besteet aus siwe Stäck, dat zweet aus engem Tuerm mat 23 Stäck direkt nieft dem éischte Gebai. Dee ganze Komplex reit sech harmonesch an dat urbanistescht Konzept vum Kierchbiereg an, et ka vun enger gudder Ubannung un den Tram profitéieren, nieft allen aneren Transportmëttelen, déi do ronderëmfueren, an et gëtt och Plaz geschafe fir de Vëlo, andeems e grouse Parking ugeluecht gëtt.

Et erlaabt dernieft och d'Kreatioun vun enger effentlecher Plaz an der Gréisst vun der Place Clairefontaine, wou d'Entrée vum deenen zwee Gebaier wäerte sech befannen. Eng zweet Entrée wäert awer och an der Rue Antoine de Saint-Exupéry fir den Tuerm virgesi ginn.

Ech kommen zum Käschtepunkt. D'Konstruktioun, ëm déi et sech hei handelt, gëtt net grad bëlle a kascht 526,3 Milliounen Euro. Macht lech awer keng Suergen! Fir eise Statsbudget handelt et sech ëm eng Nulloperatioun, wéi bei allen europäesche Konstruktiounen, well de Stat just zoustänneg ass fir de Virfinanzement. Duerno gëtt déi integral Zomm vun der Europäescher Kommission un de Lëtzebuerger Stat zrëckbezuelt.

D'Käschte fir den Ënnerhalt, d'Maintenance an d'Energie ginn hiersäits direkt vun der Kommission iwwerholl, soubal wéi d'Gebai a Be-trib geet. Energieméisseg ass eng Klass A virgesinn, déi ënner anerem duerch eng gutt Ventilatioun, eng gutt Isolatioun an duerch d'Produktioun vun erneierbarer Energie um Daach vum Gebai erméiglecht gëtt.

Nach e klengt Wuert zu den Aarbechten an der Kommission. Nodeems de Projet de loi de 7. September 2016 vum Nohaltegekeetsminister François Bausch déposéiert gi war, huet d'Nohaltegekeetskommission sech de 27. Oktober 2016 mam Projet befaasst, huet och eng flott Presentatioun gemaach kritt an den 10. November 2016 huet se mäi Rapport eestëmmege ugeholl. A sengem Avis vum 11. Oktober 2016 huet de Statsrot ouni Kritik dem Projet zougestëmmt.

An domat wär ech schonn um Enn. Ech hu souzeen dat Wichtigst gesot, verweisen awer fir d'Detailer op mäi schréffleche Rapport a virun allem op d'Annex vum Projet de loi, wou eng ganz Rei Detailer nach zousätzlech op-

gelëscht ginn. An domat ginn ech och schonn den Accord vun der grénger Fraktioun an hu mech u mäi Versprieche gehalen, haut ganz schnell ze sinn.

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Neen, et ass nach net un lech.

(Hilarité)

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-** Ah, pardon!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Ech stelle fest, dass d'Madamm Lorsché lech ganz gär muss hunn, fir esou séier gemaach ze hunn.

► **Plusieurs voix.-** Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** An d'Wuert huet direkt den Här Aly Kaes fir d'CSV.

### Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).-** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bon, ech wëll mech dann u sech der Vitesse vun der Rapporteuse uschlëssen, hir villmools Merci soe fir deen explizite Rapport, sougutt schréfflech wéi mëndlech. Et gëtt also näischt Weideres dozou ze soen. An duerfir géif ech gär den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci dem Här Kaes. Den Här Engel huet d'Wuert fir d'LSAP.

► **M. Georges Engel (LSAP).-** Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e Bau, deen noutwendeg ass, gëtt Realitéit. D'Zesummeleung vun de Mataarbechter kënnt hei also voll zum Drogen, wann deen neie Bau do ass, e Bau, deen ekologesch korrekt ass an deen eng Plaz virgesäit tëschent deenen zwee Gebaier, wou d'Leit sech kënnen treffen, eppes wat, mengen ech, um Kierchbiereg ganz wichteg ass, datt een dat soziaalt Liewen um Kierchbiereg férdert. Dat ass gutt. D'Käschte gi jo rembourséiert. Och dat ass gutt. An domat ginn ech dann och d'Zoustëmmung vun der LSAP.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci dem Här Engel. Dann huet d'Wuert den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).-** Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Léift fir den Här Bausch ass zwar net gradesou grouss wéi der Madamm Lorsché hir, mä ech wäert mech awer trotzdem kuerzhalen,...

► **Plusieurs voix.-** Ooh!

### (Interruptions diverses)

► **M. Gusty Graas (DP).-** ...well et awer trotzdem e ganz wichtige Projet ass, ëmmerhi geet et ëm 526 Milliounen. Et ass zwar ëmmer erëm erstaunlech feststellen, wann et ëm ganz vill Geld geet, da schwätze mer vill, vill manner driwwer. Mä mir dierfen awer net vergiessen, datt dee Projet hei awer eng Wichtigkeet huet, net nëmme vun der finanzieller Dimensioun hier, mä och vun der reng europäescher. Et festegt natierlech och de Standuert Lëtzebuerg, wat d'Institutiounen hei zu Lëtzebuerg vun der Europäescher Unioun ubelaangt.

Ech wëll virun allem drop hiweisen, datt et awer e Projet ass, deen deem ekologeschen Aspekt besonnesch Rechnung dréit. Et ass och héich Zäit ginn, datt elo déi Beamte kënnen erëm an engem Gebai ënnerbruecht ginn. Et wäert zwar nach eng Zäitchen daueren. Et gesäit een awer och, wéi laang datt et dauert, bis esou e Projet iwwerhaupt richteg op d'Schinne kënnt. Schon, mengen ech, 2009 ass driwwer nogeduecht ginn, fir eben, wéi gesot, dat Gebai hei nei opzeriichten. Mä ënnert dem Stréch kënne mir als Demokratesch Partei deem Projet hei nëmmen zoustëmmen.

Ech soen lech Merci. Ech soen awer och der Madamm Lorsché nach Merci fir hiren exzellente Bericht!

► **Plusieurs voix.-** Aah! Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci. An dann huet d'Wuert de Gaston Gibéryen.

► **Une voix.-** Oh, de Gaston!

### (Hilarité et interruptions)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).-** Merci, Här President.

### (Interruption)

Majo, ech hat mer ganz viles préparéiert,...

### (Hilarité)

...mä vu datt mer eis awer d'Wuert ginn hunn, eis haut kuerzze faassen, wëll ech da just d'Zoustëmmung vun eisem Grupp bréngen.

### (Hilarité générale)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci. Ech ginn dann dovun aus, dass...

► **M. David Wagner (déi Lénk).-** Mir sinn och ganz d'accord domadder.

### (Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Voilà, Här Minister!

### Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-** Här President, vu datt d'Chamber esou frou ass mat mir, kann ech nëmme Merci soe fir déi breet Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Majo, dat gesot, géife mer dann zu der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7057 iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7057 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

► **Plusieurs voix.-** Här President, mäin Apparat geet net! Et geet net!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Also ech ginn dovun aus, dass et bei deene meeschte fonctionnéiert. An do, wou et net fonctionnéiert huet, kënnen mer dat herno korrigéieren.

Ech hu jiddefalls hei 60 Stëmmen. An déi sinn alleguer positiv. Domat ass de Projet de loi 7057 unanime ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächsten, dem leschte Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6934, eng Rei vun Adaptatiounen fir d'Commission de surveillance vum Secteur financier. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här André Bauler.

## 5. 6934 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, iwwert deen ech lech op dëser Plaz de Bericht maachen, huet als Zil, fir d'Gesetz iwwert d'CSSF der Reform vun der Fonctioun publique unzepassen, déi mer an dësem Haus de 24. Mäerz vum leschte Joer gestëmmt haten. Bis elo waren nach net all dës Ännerungen op d'CSSF applikabel.

Als kuerze Rappel: D'CSSF, déi duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1998 gegrënnt gouf, ass, wéi Der all wësst, en Établissement public, dat eng juristescht Perséinlechkeet huet an iwwer eng operationell a finanziell Autonomie verfüügt. Säi Personal setzt sech aus Agenten zesummen, déi de Statsbeamten assimiléiert sinn. Op si applizéiere sech am Prinzip d'Gesetz an d'Reglementer, déi d'Statsbeamte betreffen, dëst ënnert der Reserv vun den Dispositiounen, déi am Gesetz vum 1998 virgesi sinn.

Här President, d'Reformen an der effentlecher

Fonctioun, déi duerch d'Gesetz vum 25. Mäerz 2015 ëmgesat goufen, haten als Zil, sech mat vollem Recht op d'Agenten vun der CSSF ze applizéieren. Or, bis ewell goufen déi spezifesch Dispositiounen, déi am Gesetz vum 23. Dezember 1998 stinn, nach net ugepasst, fir deene verschiddenen Elementer vun der Reform Rechnung ze droen. Dësse Gesetzesprojet huet als Zil, dës Inkohärenz en Enn ze setzen.

De Projet de loi, dee mer also haut stëmme sollen, huet als Objet, dat organesch Gesetz vun der CSSF, virun allem also d'Dispositiounen, déi d'Personal betreffen, de Reformen an der effentlecher Fonctioun unzepassen. Souwuel d'Terminologie, wat déi verschidde Kategorie vun Traitementen ugeet, d'Dispositiounen iwwert de Stage vun den Agenten vun der CSSF, d'Äféierung vun der sougenannter Gestion par objectifs an d'Ännerung vun den Avancementer a Promotiounsmodalitéiten sinn hei betraff.

An dësem Kontext gëtt virgeschloen, d'Dauer vum Stage vun den Agenten vun der CSSF, déi eng Volltache hunn, vun engem op zwee Joer fir de Stagiaire eropesetzen. De Prinzip vun engem männer laange Stage bei der CSSF am Verglach zur klassischer Fonctioun publique gëtt also oprechterhalen. Well awer an der traditioneller Fonctioun publique de Stage vun zwee op dräi Joer eropgaangen ass, gëtt also virgeschloen, de Stage bei der CSSF och ëm ee Joer eropesetzen, also op zwee Joer insgesamt.

Här President, a sengem Avis vum 5. Juli 2016 hat de Statsrot bemierkt, dass den Texte coordonné een anere wier wéi den déposéierte Gesetzesprojet. Dat war geschitt duerch en Iertum, deen ënnerlaf war. Dëst krute mer an der Sëtzung vum 16. Juni dës Joers matgedeelt. Souwiesou, de Statsrot betount, dass den Text vum Projet eleng zielt, dat, well de sougenannten Text coordonné keng Valeur juridique huet.

De Statsrot hat de 5. Juli zwou Oppositionen formelles ausgeschwat, zweemol par rapport zum Artikel 2 Punkt d). Dat war eng Keier weinst der ënnerschiddlecher Dauer vum Stage tëschent dem Régime général vun der Fonctioun publique an deem spezifische vun der CSSF. Déi néideg Erklärungen sinn op dësem Punkt awer nokomm. Déi aner Remarque goung iwwert d'Natur vun der Referenz op de Règlement grand-ducal vum 30. September 2015. Hei sollt d'Gesetz vun der CSSF net direkt op dat groussherzoglecht Règlement verweisen, mä op d'Dispositiounen am Gesetz, wat jo d'Base légale fir de Règlement ass.

Dës Commentaire gouf an de parlamentareschen Amendementen vum 15. Juli Rechnung gedroen, soudass de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 11. Oktober keng weider Remarque gemaach huet.

Här President, mir wëssen, dass d'CSSF e ganz wichtige Akteur fir eis Finanzplaz ass, dat well si Finanzprodukter iwwer hire Prospectus agréiert a regelméisseg kontrolléiert. An de leschte Joren huet de Régulateur, d'CSSF, weider rekrutiert, fir hir Missiounen ze erfëllen, dat an enger Finanzwelt, déi ëmmer méi komplex gëtt.

### (Brouhaha et interruption par M. le Président)

Merci, Här President.

Och spillt si eng Roll, wat innovativ Produkter ugeet. Sou ass d'CSSF zum Beispill déi éischt Bankekontrollautoritéit, déi eng Basis fir Bitcoin-Aktivitéiten geschaaft huet an esou de Wee fräi gemaach huet, fir dass weider Akteure sech an dësem Secteur hei am Land usidele konnten a kënnen. Et ass also wichteg, dass d'Ännerungen an der Fonctioun publique elo och op d'Agenten vun der CSSF iwwerdroe ginn.

Ech wëll schlëssen, andeems ech dem Här Finanzminister an alle Kolleegen aus der Kommission Merci soe fir déi gutt Zesummenarbecht. An ech ginn heimadder och den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **Une voix.-** Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Ech hat en aneren Numm hei stoen, mä ech hunn lech awer gradesou gär.

### Discussion générale

► **M. Michel Wolter (CSV).-** Här President, no deenen ausféierlechen Ausféierungen vum Rapporteur hu mer eigentlech näischt méi dobäizefügen an ech géif den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci. Da sinn ech gespaant, ob dat weider esou bleift. Den Här Fayot huet d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).-** Merci, Här President. Den Här Rapporteur huet a sengem gudden Rapport alles gesot. En huet och





d'Wichtigkeet vun dësem Projet ënnerstrach fir d'CSSF, weidert Personal och anzustellen, fir dass se hir Missiounen kann erfëllen.

Ech géif just gär ee Wunsch ausdrécken - dat ass och scho puermol diskutéiert ginn an der Finanzkommissioun, et ass och deslescht vun der CSSF nach eng Kéier opbruecht ginn -, dass et wichteg ass, dass mer deemnächst déi Loi „sanctions“ op de Wee bréngen, fir der CSSF déi néideg Mëttelen ze ginn, fir effikass virzegoe géint Violatiounen och vu Regelen am Finanzsecteur. Et ass och wichteg am internationale Kontext, fir dass d'CSSF déi néideg Kredibilitéit huet am Kader vun hire Missiounen.

Ech weess, dass Äre Ministère an Är Leit vill Aarbecht hu mat ville Projeten, mä d'Sanktiounsgesetz ass eent, wat och vun der CSSF wierklech erwaart gëtt. An dofir géif ech lech nach eng Kéier invitéieren - mä ech weess, dass Der dat souwisoou maacht -, dat heiten zu enger Prioritéit ze maachen.

Dat gesot, ginn ech natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Fayot. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

**Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, och vun onser Säit e Merci u jiddwereen, dee bedeelegt war un dësem Projet de loi, an den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- An ech hunn dann den Här Reding hei stoen.

**M. Roy Reding (ADR).**- Ech bréngen och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Text.

**(Interruption)**

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Iech hunn ech zwar net hei stoen, mä...

**M. David Wagner (déi Lénk).**- Dat ass wouer. Ausnamsweis si mer och mam Här Gramigna averstanen.

**Plusieurs voix.**- Aah!

**(Hilarité)**

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Bei

esou vill Zoustëmmung ass den Här Gramigna wahrscheinlech sprachlos.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Pierre Gramigna, Ministre des Finances.**- Net spraachlos, Här President, mä ganz frou. Dofir halen ech mech dann och ganz kuerz. Merci fir d'Ënnerstëtzung. De Projet de loi, deem Dir elo hei stëmmt, huet jo als Objet, eist neit Gesetz vun der Fonction publique ze applizéieren och op d'Agenten an d'Fonctionnaire vun der CSSF. An dat ass eng gutt Saach.

Erlaabt mer vläicht och ze begrëssen, dass mer konnten deenen zwou Oppositions formelles vum Conseil d'État Rechnung droen. Dat ass ganz fein. An dann erlaabt mer vläicht just nach eng Minutt ze huelen, fir iwwert d'CSSF ze schwätzen.

D'CSSF ass u sech en immens wichtegt Organ iwwert d'Jorzéngte ginn. An deene leschte fënnef Joer huet sech d'Personal vun der CSSF praktesch verduebelt! Mir hunn elo op den heitegen Dag 669 Leit, déi an der CSSF schaffen. Dat ass en fait eng vun de gréissten Administratiounen oder Institutiounen, déi mer zu Lëtzebuerg hunn. Mir kënnen eis, mengen ech, freeën, dass mer eis déi richteg Moyene ginn, fir eis Finanzplaz ze begleeden. Do schafft Leit vun 13 Nationalitéiten ongeféier, gläich opgedeelt zwëschen Männer a Fraen.

A wann ech an d'Ausland reesen - jo, dat ass ganz gutt, dass et équilibréiert ass, Männer a Fraen -, wann ech an d'Ausland reesen, ginn ech oft op d'CSSF ugeschwat, wou ech ganz vill Luef kréien. An ech hunn haut an der Mëttesstonn d'Succursale vun der Bank of Communications, eng vun deene sechs gréisste chinesesche Banken, inauguréiert. Och déi hu mer nach eng Kéier gesot, wéi zefridde se sinn iwwert d'Zesummenaarbecht mat der CSSF.

Mä dass mer eis hei richteg verstinn, an dat ass e richtigen Enjeu fir eis Finanzplaz: D'CSSF ass net nëmmen do, fir d'Besoinen vun de Banken a vun den Akteuren ze verstoen. Si ass awer och do, fir derfir ze suergen, dass d'Direktive vun der EU respektéiert ginn an d'Gesetzter, wéi Dir se ëmgesat hutt vun deenen Direktiven, dass dat alles agehale gëtt. An ech kann lech soen: Si mécht dat!

An dofir muss d'CSSF derfir suergen, dass se zwëschen zwee verschidde Pôlë muss handelen. Deen een ass dee vun der Innovatioun, wéi de Rapporteur André Bauler dat richteg ënnerstrach huet, an deem ech fir säi Bericht och gäre géif Merci soen. Hien huet richteg ënnerstrach, dass d'CSSF vill innovéiert, ob dat elo ass bei Bitcoin, dat si Monnaies virtuelles, an och bei anere Saachen. Mä do wou se et maachen a wéi se et maachen, maache se et ëmmer dans la latitude, déi d'EU-Gesetzgebung eis gëtt. A wa keng Latitude do ass, da kann och d'CSSF keng Latitude hunn.

Op där anerer Säit suerge se derfir, dass alles agehale gëtt. An dat gëtt hinne Kredibilitéit. A wann d'CSSF kredibel ass, dann ass eist Land och kredibel. An et ass zwëschen deenen zwou Qualitéiten do, wou d'CSSF muss déi gëlle Mëtt fannen. An ech mengen, dat hei war eng gutt Geleeënheet, fir dat ze ënnersträichen.

Ech soen lech Merci fir de Soutien.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Da si mer elo prett, fir iwwert de Projet de loi 6934 ofzestëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6934 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer: 60-mol ass ofgestëmmt ginn a 60-mol Jo. Domat ass de Projet 6934 unanime ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz*

*Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

**6. Résolution de Mme Martine Hansen relative à l'engagement de la Chambre des Députés, dans la mesure du possible et à côté des produits issus du commerce équitable, à s'approvisionner prioritairement en produits issus du terroir luxembourgeois pour les besoins de son administration et de la vie parlementaire**

Just nach eng Sekonn, wann ech gelift. De Moien huet d'Présidentekonferenz proposéiert, fir d'Resolutioun iwwert d'Produits du terroir, déi gëschter vun der Madamm Martine Hansen abruecht ginn ass, un de Büro ze iwwerweisen.


Ass d'Chamber domat d'accord?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

A mer sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Villmools Merci a Rendez-vous nächsten Dënschdeg. D'Sëtzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 16.10 heures)**



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Communications

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

4. Heure d'actualité du groupe politique déi gréng sur les résultats de la réunion COP22 des Nations Unies sur les changements climatiques à Marrakech

- Exposé: M. Henri Kox

- Débat: M. Marco Schank, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement

5. 7018 - Projet portant création d'un registre électronique national des entreprises de transport par route

- Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché

- Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. Interpellation de Mme Octavie Modert au sujet de l'état actuel de la viticulture

- Exposé: Mme Octavie Modert (dépôt d'une motion)

- Débat: M. Gusty Graas, Mme Tess Burton, M. Henri Kox (interventions de Mme Octavie Modert), M. Roy Reding, M. Gilles Baum (dépôt d'une motion)

- Prise de position du Gouvernement: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs (interventions de Mme Octavie Modert)

- Motion 1: M. Gilles Baum, Mme Octavie Modert

- Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

- Motion 2: Mme Octavie Modert

- Vote sur la motion 2 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Etgen et Mme Carole Dieschbourg, Ministres.

**(Début de la séance publique à 14.32 heures)**

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Gudde Mëtteg! Ech maachen heimat ob d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

**Plusieurs voix.**- Neen.

**M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech ginn dovun aus, dass dat e klore Nee war. Merci gesot. Da kënnen mer zu deenen nächste Punkte vun eisem Ordre du jour iwwergoen.

### 2. Communications

1) Ech wollt d'Chamber informéieren, dass d'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen wéi ëmmer mat den Antworten zesummen hei um Büro deponéiert gouf.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi zënter der leschter Sëtzung an der Chamber deponéiert goufen, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéit verdeelt ginn.

3) An op Ufro vun der Madamm Cécile Hemmen ass de 16. November 2016 hir Proposition

de loi 6611 iwwert d'Égalité salariale vum Rôle gestrach ginn, net well se net méi aktuell wier, mä well e Projet de loi ënnerwee ass.

Communications du Président - séance publique du 22 novembre 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

**7093** - Projet de loi sur l'exportation et l'utilisation des ressources de l'espace

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 15.11.2016